# Dossier de presse

Théâtre du centaure

# D'Julie an den Aprikosejong
# Julie et le bonhomme Abricot

## Cosimo Suglia



## D'Stéck:

D'Julie ass e klengt Meedche mat enger grousser Leidenschaft fir eng ganz bestëmmte Fruucht: séiss, säftteg a samteg Aprikosen. Am Bësch, net wäit ewech vu sengem Doheem, sou heescht et, steet e ganz besonneschen Aprikosebam, dee gréisste vu senger Zort, mat deene beschten a schéinste Friichten, déi jee ee Mënsch gesinn huet. Säi Papp awer huet dem

Julie strengstens verbueden, an dëse Bësch ze goen, well, sou erzielen sech d'Duerfbewunner säit Joerhonnerten, der Doud do lauert. Mee well d'Julie gewinnt ass, dat ze kréien, wat et wëll, a well seng onmoosseg Gloscht him keen anere Choix léisst, schläicht hat sech enges Nuets heemlech eraus, fir dës eenzegaarteg Këstlechkeet ze schmaachen. An tatsächlech, déif am Bësch verstoppt, fënnt d'Julie e risege Bam, mat Aprikosen sou grouss wéi Melounen. Hat hat also, sou seet et sech, wéi ëmmer Recht. An et huet dëse Gedanken nach net richteg zu Enn geduecht, wéi et op eemol am Gebësch raschelt an e wonnerbaart klengt Wiesen ervir kënnt, dat dem Julie seng Virstellungskraaft bei wäitem iwwertrëfft…

Ausgoend vu senger Kuerzgeschicht *The Little Girl That Knew Better*, (Les Cahiers Luxembourgeois Numéro 3, 2020) entwéckelt de Cosimo Suglia, deen 2021 mam Chrysalis Award, e Präis fir Nowuessschrëftsteller a spekulativer Fiktioun, fir Lëtzebuerg ausgezeechent gouf, zesumme mam Daliah Kentges en Theaterstéck fir Kanner ab 6 Joer.

## Koproduzenten:

### Théâtre du Centaure

Den *Théâtre du Centaure* ass de klengste professionellen Theater zu Lëtzebuerg an huet seng Raimlechkeeten an engem Gewölbekeller am historeschen Zentrum vun der Stad Lëtzebuerg. E gouf 1973 vum Philippe Noesen gegrënnt a bitt souwuel zäitgenëssesch wéi klassesch Stécker un, mat engem Fokus op der franséischer Sprooch, wat déi momentan artistesch Direktesch Myriam Muller net dovunner ofhällt, Stécker an deenen zu Lëtzebuerg geschwate Sproochen op d'Bün ze bréngen.

### Kulturhaus Niederanven:

1998 gouf dat deemolegt Privathaus un d'Gemeng Niederanven verkaaft, mat dem Wonsch, et fir ëffentlech Zwecker ze notzen. Nodeems et als éischt als Haus fir geflüchte Persounen aus dem Kosovo gedéngt huet, ass et säit 2007 als *Kulturhaus Niederanven* bekannt. D'Kulturhaus bitt sengem Publikum e konterbonte Programm aus Musek, Konscht, Theater, a Literatur un.

### Kinneksbond Mamer:

De *Kinneksbond* bitt kulturell Veranstaltungen an de verschiddenen Sparten wéi Danz, Musek an Theater, mee och Ausstellungen, Seminaire a Workshops un. Niewent renomméierten internationalen Nimm, fënnt en och reegelméisseg jonk, lëtzebuergesch KënschtlerInnen am Programm.

## Biografien vun de KënschtlerInnen:



De **Cosimo Suglia** schreift Literatur an iwwer Literatur. Hien ass 1995 an eng italieenesch Famill gebuer. De Cosimo huet e ganze Koup Kuerzgeschichten an Artikele veröffentlecht. Hie schreift op Lëtzebuergesch an op Englesch. De Cosimo huet Fräschen a Kiewerleken a Subkulture gären.



D'**Mady Durrer**, gebuer 1950 stoung di éischte Kéier mat 10 Joer op der Bün. Si huet Solfège, Piano, däitsch a franséisch Diktioun an Art dramatique, Gesang, klasseschen, modernen a Jazzdanz studéiert an eng Ausbildung als Educatrice fir Kanner mat spezifesche Problemer gemaach.

Zanter méi wéi 60 Joer schafft si als Schauspillerin, Sängerin, Dänzerin, Autorin, an Theaterstécker, Kabarett, Kannertheater, Musicals, Operetten, Choreographien, Concerten, Synchronisatiounen, Marionettentheater a Regieaarbecht. Si huet 2 Kannerbicher geschriwwen, dovu war eent fir de lëtbg. Bicherpräis nominéiert.

Si schwätzt méi oder manner gutt 8 Sproochen, léiert de Moment däitsch Gebäerdesprooch an danzt nach ëmmer.



Den **Arthuhr Possing** gëllt als e vun deene villverspriechendste Pianiste vu senger Generatioun an huet e ganz natierlechen Zougang zur Musek. Heen gouf 1996 an eng Famill gebuer, wou Musek eng wichteg Plaz anhëlt an omnipresent ass. Heen huet mat klassescher Batterie ugefaangen a kuerz drop koum de klassesche Piano dobäi an huet schliisslech d'Welt vum Jazz entdeckt.

No dem Ofschloss vum Secondaire huet hien en Zousatzstudium a Jazzpiano um *Conservatoire royal de Bruxelles* beim Eric Legnini gemach.

2013 gouf *d'Arthur Possing Quartet* gegrënnt, dat bis elo zwee Albummer veröffentlecht huet. *Four Years* (2018) an *Natural Flow* (2021). An sengem jonken Alter weist den Arthur Possing eng musikalesch Vilfalt op, wärend hien trotzdeem eng kloer an erkennbar Linn a senger Musek erkenne léisst.

De **Luc Lamesch** huet seng éischt Schauspillerfarungen am Theatergrupp vum *Lycée Michel Rodange* gemaach an dat huet him esou gutt gefall, dass en sech kuerz dono am Conservatoire ageschriwwen huet. Do huet hie wärend 7 Joer ënnert der Leedung vum Marja-Leena Junker a Myriam Muller Coursë geholl an 2010 mat engem 1. Präis ofgeschloss.



De Luc stoung fir d'éischt professionell op der Bün am Nelson Rodrigues sengem *Le Baiser sur l'asphalte* (Regie: Marja-Leena Junker), an dat scho mat 17 Joer (2004). Zënterhier huet hien an deene verschiddenste Beräicher a Formater säi Kënnen ënner beweis gestallt: Sief et Film (*Heemwéi*, *Fieber*, ...) Fernseh (*Weemseesdet*) Voice-Over (*Pacha Mama*, *Inditiomarus*, ...), Liesungen oder Theater, souwuel modern (*Vum Himmel*, *E Roude Fuedem duerch de Roude Buedem*, *Thom Pain*, ...) wéi och klassesch (*Faust*, *L'école des femmes*, ...)
Seng Léift fir de Kannertheater huet de Luc entdeckt, wéi hie beim Spuerkees-Theater fir d'Schoulklasse matgemaach huet, wou hie wärend 7 Joer d'Roll vum Mupp 'Nero' iwwerholl huet. Et ass him e Privileeg, déi jonk Generatioune fir d'éischt an ëmmer rëm op en Neits an déi fantastesch Welt vum Theater ze entféieren.
"Eppes wat de jonke Public sou interessant mécht, ass dass se keng Prekonzeptioun vum Theater hunn, si erliewen et einfach, sou wéi et soll sinn."



D'**Magaly Teixeira** huet hir Passioun fir den Theater an den Danz mat 9 Joer entdeckt. Nodeems si hiren Diplom kritt huet, huet hiren Dram professionell Artistin ze ginn, si op Paräis bruecht.

No hirer Zeit an der Sorbonne Paris, huet si hier Schauspillerausbildung am *Conservatoire Charles Munch* fortgesaat an 2017 mat Auszeechnung a Gratulatioun vun der Jury ofgeschloss.

Hir éischt filmesch Zesummenaarbecht war mam Regisseur Philippe Machando a sengem Film *A l'année prochaine/Até pro ano*.

Dono huet si am *Capitani 2* an an der Netflix-Serie *Coyotes* matgemaach, fir déi si als Bescht Schauspillerin fir de Filmpräis 2021 nominéiert gouf. Och 2023 gouf si fir de Filmpräis nominéiert, fir déi zwee Kuerzfilmer *Nucléaire* a *Phoenix*.

Mee och am Theater ass si weider aktiv, sou konnt een d'Magaly an *La petite fille de la Mer* am Escher Theater ënnert der Leedung vum Rita Reis gesinn, an ënnert der Regie vum Anne Simon an *Venus in Fur* an *The Censor* am *Kinneksbond* wéi och an den *Théâtres de la Ville de Luxembourg*.

Als Synchronspriecherin gëtt d'Magaly reegelméisseg hir Stemm fir verschidde Synchronisatiounen a Radiossendungen.



D'**Daliah Kentges** ass 1985 zu Esch-Uelzecht gebuer. No hirem Bac huet si Nei Däitsch Literatur an Englesch Philologie zu Freiburg im Breisgau studéiert an 2017 hiren Doktorat op der *Universitéit Lëtzebuerg* gemaach. Nieft hirer Forschungsaarbecht huet si Erfarungen als Regieassistentin un der Säit vun nationale wéi internationale RegisseurInnen gesammelt.

Nodeems si mat zwou szenësche Liesungen (*Wat den Noper seet…an aner Geschichten a Famina*) hir éischt eege Projeten am Theater realiséiert huet, ass 2019 mat *Dräi Schwësteren* dat éischt Theaterstéck ënnert hirer Regie am Kasemattentheater op d'Bün komm. 2020 si mat *Truckstop* (Théatre du Centaure/Kinneksbond, Centre Culturel Mamer) an *Le monologue de la vieille reine* (Kinneksbond, Centre Culturel Mamer/les Théâtres de la Ville de Luxembourg) weider Regieaarbechten dobäi komm. An derfollgender Spillzäit huet si mat *Fake Facts* (Trifolion Echternach) a *Rosenkranz und Güldenstern auf Greta* (Kasemattentheater) gläich zwee performativ Theaterstécker realiséiert.

Fir d'Kulturjoer Esch2022 huet si déi éischte Kéier mam Kënschtlerkollektiv *MASKéNADA* zesummegeschafft an d'Regie vun den zwee interdisziplinären a performativen Outdoor-Projeten *Zowaasch* an *Ouni Kapp* iwwerholl. Zesumme mat dem Kënschtlerkollektiv *Ampersand Variations* huet si och un der Créatioun vum Projet *Desire Lines* fir d'Kulturjoer geschafft.

Mam Monolog *Eschenliebe* war 2023 déi éichte Kéier eng Regieaarbecht vun hir am Ausland ze gesinn. Um *Kunstfest Weimar* huet d'Stéck vun der renomméierter däitscher Dramatikerin Theresia Walser seng Uropféierung gefeiert an ass aktuell nach ëmmer op Tournee.

D'Daliah Kentges ass aktive Member vum Théâtre du Centaure an de Kënschtlerkollektiven MASKéNADA an Ampersand Variations a schafft säit 2015 als Koordinatorin a kënschtleresch Beroderin fir de Fundamental Monodrama Festival.



D'**Anouk Schiltz** huet op der *Ecole Nationale Supérieure des Arts Décoratif* zu Paräis studéiert a krut 2005 hiren Diplom als Bünenbildnerin. Säitdeem schafft si als Bünen- a Kostümsbildnerin mat verschiddenen RegisseurInnen aus Lëtzebuerg an dem Ausland zesummen. Ënnert anerem huet sie folgend Produktiounen d'Bünebiller entworf: *Endspill* vum Samuel Beckett mam Charles Muller am *Escher Theater*, *Subui*, *Bric à Brac* mam Marie-Lune um *Festival d'Avignon Off*, *Tsiganes* vu *MASKéNADA*, *Hedda Gabler* vum Henrik Ibsen mam Gerhard Weber am *Theater Trier*, *La Vérité m'appartient* vum Nathalie Ronvaux mam Charles Muller am *Théâtre des Capucins* an am *Escher Theater*, *The Crucible* vum Arthur Miller mam Douglas Rintoul am *Queen's Theatre Hornchurch* an den *Théâtres de la Ville Luxembourg*, *Rumpelstilzchen* vun den Gebridder Grimm an Adaptioun vum Ian de Toffoli mam Myriam Muller an den *Théâtres de la Ville Luxembourg*, dem *Escher Theater* an dem *CAPE Ettelbrück*, *La Dispute* vum Marivaux mam Sophie Langevin am *Théâtre National Du Luxembourg*, dem *Escher Theater* an dem *CAPE Ettelbrück*. Am Summer 2019 entwerft si d'Kostümer fir d'Oper *Mille Endormis*

vum Komponist Adam Maor an inzenéiert vum Yotan Levy ënnert der musikalescher Leedung vum Elena Schwarz, en Optrach vum *Festival d'Aix-en-Provence* an den *Théâtres de la Ville Luxembourg*. Am Mäerz 2019 entwéckelt si d'Bünebild fir d'Stéck *Ivanov* vum Anton Tschechow ënnert der Regie vum Myriam Muller an 2021 entwerft si d'Bünebild fir d'Stéck *THE HOTHOUSE* vum Harold Pinter ënnert der Regie vum Anne Simon am Studio vum *Grand Théâtre de la Ville de Luxembourg*. Am September 2021 gëtt d'Anouk Schilz mat dem Theaterpräis *Hannert der Bün* ausgezeechent. Säitdeem setzt si hir Aarbecht als Bünenbildnerin fir den Theater fort, als Lescht fir d'Produktioun *Kasimir & Karoline* am Landestheater Niederösterreich a Koproduktioun mam Grand Théâtre de la Ville de Luxembourg.



D'**Laetitia Lang** schafft als fräischaffend Theaterpädagogin a Regieassistentin zwëschent Lëtzebuerg an Eisterreich. Si huet op der *Universität Wien* Bildungswissenschaft studéiert an um *Institut für angewandtes Theater* eng Ausbildung als Schauspill- an Theaterpädagogin gemaach. Säitdeem huet si als Theaterpädagogin, Performerin a Regieassistentin an ënnerschiddlechen Theaterhaiser, Bildungsariichtungen a Kulturveräiner geschafft. 2022 huet si am Kader vun Esch22 vir de KënschtlerInnenkollektiv MASKéNADA d'Regie vum *Nuetsgejäitz a Bëschgepësper* vum Mandy Thiery an dem Jean Bürlesque gemaach. Säitdeem ass si och am CA vu MASKéNADA. Ee weideren Häerzensprojet ass de Veräin *Literaturstunde*, deen si mat hirer Kolleegin Alexandra Mitterer bedreift an deen multidisziplinär Liesungen organiséiert.



Den **Antoine Colla** huet sech scho fréi vir déi duerstellend Konscht interesséiert. 2009 huet hien d'*ESAC* (*école d'acteur du Conservatoire de Liège*) besicht, ier hie säi Studium vun den Arts du Spectacle op der *Université de Liège* ugefaangen huet. 2014 huet hien seng Zesummenaarbecht mam *Théâtre du Centaure*, dem Myriam Muller a villen anere Kënschtler ugefaangen (ë.a. Marja-Leena Junker, Fabio Godinho, Anne Simon, Daliah Kentges, Rhiannon Morgan, Marion Poppenborg, Ian de Toffoli, ...).

Hien schafft als Regieassistent, Luuchtendesigner, Sounddesigner an Dramaturg an ass säitdeem un enger Villzuel u Projeten, sief et Theater oder Danz, zu Lëtzebuerg, a Frankräich an an der Belsch bedeelegt gewiescht.

Ë.a. : *Blind Date* (T. Van Gogh), *Orphelins* (D. Kelly), *Dom Juan* (Molière), *Oncle Vania* (A. Tcheckov), *Cet Enfant* (J. Pommerat), *Mission* (D. Van Reybrouck), *Les Justes* (A. Camus), *Des femmes qui dansent sous les bombes* (C. Lapertot), *Et si on rêvait* (C. Rasera), *Love & Money* (D. Kelly), *Mesure pour Mesure* (W. Shakespeare), *Anéantis* (S. Kane), *Sales Gosses* (M. Michailov), *Breaking the Waves* (L. Von Trier), *Terreur* (F. Von Schirach), *Hamlet* (W. Shakespeare), *Terres Arides* (I. De Toffoli), *Moi Je suis Rosa !* (N. Ronvaux), *Juste la fin du monde* (J.-L. Lagarce), *Liliom* (F. Molnar), *BlackBird* (D. Harrower), *Clementine* (R. Morgan), *Adh(A)ra* (R. Morgan), *À la Carabine* (P. Peyrade), *La Poupée Barbue* (E. E. Bvouma), *Songes d'une Nuit...* (W. Shakespeare), *Elena* (O. Neguine & A. Zviaguintsev), …

## Interview mam Daliah Kentges - Regie

### Wat méchs du als Regisseurin beim Stéck?

Ech iwwerleeë mir e Konzept, wéi ech d’Theaterstéck op der Bün ëmsetze wëll, wéi eng Atmosphär ech schafe wëll a wat ech dem Zuschauer als Message wëll mat op de Wee ginn. Zesumme mam kreativen Team schaffen ech dann un der Ëmsetzung vun dësem Konzept, woubäi et meng Aufgab ass, de roude Fuedem net aus dem A ze verléieren.

### Wéi eng Themen interesséieren dech an dësem Stéck?/Wat ass fir dech wichteg, mat dësem Stéck ze erzielen?

Fir mech steet ganz kloer d’Iddi am Vierdergrod, datt een dem Frieme géigeniwwer oppe soll sinn, an een sech net vun Ängschten dierf leede loossen. Et gëtt een ëmmer erëm am Liewe mat Mënschen a Situatioune konfrontéiert, déi engem onbekannt sinn an déi ee vläicht net direkt versteet an dann ass et wichteg, sech net ze verschléissen, mee virwëtzeg ze sinn an ze versichen, dat Onbekannt ze verstoen.

### Wat ass d'Erausfuerderung vum Stéck?

Ech mengen d’Erausfuerderung leit doranner, d’Magie am Stéck op d’Bün ze bréngen an se fir d’Kanner erliefbar ze maachen.

### Wat mécht fir dech Fréndschaft aus?

Fir mech bedeit echt Frëndschaft, deen anere Mënsch esou ze akzeptéieren an ze schätzen, wéi en ass.

### Däerf et an enger Frëndschaft Geheimnisser ginn?

Heiansdo huet ee vläicht nach net dee richtegen Zäitpunkt fonnt, fir der anerer Persoun e Geheimnis unzevertrauen. Wéi a ville Situatioune brauch et Zäit, fir Vertrauen opzebauen an sech dobäi wuel ze fillen, mat engem Frënd oder enger Frëndin e Geheimnis ze deelen.

### Mengs du, dass et eppes Onverzeileches an enger Frëndschaft gëtt a wa jo, wat?

Wann een an anere verréit oder am Stach léist, gëtt et scho méi schwéier fir dat ze verzeien. Ob alle Fall sollt een den Dialog sichen an no de Grënn froen, fir dat Verhalen ze verstoen an de Problem aus der Welt ze schafen.

### Hues du Aprikose gären? Wann jo, wisou? Wann nee, wat ass däi Lieblingsuebst?

Ech hunn d’Form an d’Faarf vun der Aprikos gäre, et huet eppes Liebleches, mee ech iessen se sielen. D’Banann lant do scho méi oft op mengem Speiseplang.

## Interview mam Cosimo Suglia – Auteur

### Wéi bass du op d'Iddi fir d'Stéck komm?

D’Iddi vun deem Stéck koum vun enger Kuerzgeschicht, déi ech viru Jore geschriwwen hunn. Dat heescht, d’Fro ass: Wéi sinn ech op d’Iddi vun der Kuerzgeschicht komm – ma ganz einfach: Ech war deemools am gaange ganz vill Märercher ze liesen, zemools déi vum Lëtzebuergeschen Auteur Edmond de la Fontaine.

An ech wollt dunn och selwer e Märche schreiwen! A well d'Märercher am Fong ganz komesch sinn, duechtech mir, dass en Aprikose-Jong an eng Bam-Mamma super géife passen!

## Gouf et Erausfuerderunge beim schreiwen?

Jo, a wéi!

Ech mengen, dass all Schreiwen ëmmer eng Erausfuerderung ass. Fir mech war d'Erausfuerderung vun dësem Stéck, dass ech et esou schreiwen, dass jiddereen – egal vum Alter – versteet, wat ech mengen a wëll soen. Ech wollt keng schwéier Wierder benotzen, well dann net jiddereen alles verstanen huet. An andeems ech dat gemaach hunn, hunn ech mech vum Liewen inspiréiert – net jidderee benotzt schwéier Wierder all Dag, dat ass eppes wat Doktesche maachen, oder Professeren, oder och Leit, déi sech bretze wëllen – an dat wëll ech awer net.

## Wat mécht fir dech Frëndschaft aus?

D'Léift.

Wann ech mat enger Persoun schwätzen an déi mir e Laache gëtt, mech heiansdo rose mécht, mir e mulmecht Gefill am Bauch gëtt, an ech einfach frou sinn, se ëmmer ze gesinn, an ech hoffen, dass si e gudden Dag huet, dann ass dat fir mech eng richteg Frëndschaft.

Frëndschaft ass, wann een, egal wat passéiert, souguer no engem Sträit oder no laanger Zäit, sech erëmgesäit an et esou ass, wéi wann déi Persoun ni fort war, dat ass wat eng Frëndschaft ausmécht.

Eng Frëndschaft, eng gutt, eng déi hält, well net all Frëndschaft hält (an dat ass OK, dat gehéiert zum Liewen dobäi), ass fir ëmmer! Dat ass Léift.

## Kenne Geheimnisser eng Frëndschaft futti maachen?

Jo an Nee.

Jiddereen huet Geheimnisser an dat soll esou sinn. Well wann ee keng huet, dann ass een net éierlech mat sech selwer. Eng gutt Frëndschaft kennt sécherlech puer vun denge Geheimnisser, mee an enger gudder Frëndschaft gëtt een net dowéinst jugéiert – et ass wéi wann däi Geheimnis och d'Geheimnis vum Frënd oder der Frëndin gëtt.

Mee och net all Geheimnis ass gutt.

Geheimnisser mussen dann heiansdo keng Geheimnisser sinn an da geet eng Frëndschaftf utti, jo.

Jiddereen huet e Recht op Geheimnisser a jidderee muss sech entscheeden, wéini hien oder hatt déi Geheimnisser verzielt – a dat kënnt mat der Zäit, mam Vertrauen, dat een an der Frëndschaft opbaut.

## Hues du Aprikose gären? Wann jo, wisou? Wann nee, wat ass däi Lieblingsuebst?

Aprikose selwer hunn ech gären, och wann ech se net oft iessen.

Wat ech awer am léifsten hunn, ass wann aner Saachen no Aprikose schmaachen! Wéi Kamellen oder Jus.

Mee meng Lieblingsfruucht ass d'Waassermeloun.

Am Fong hunn ech d'Waassermeloun esou gären, dass ee mech kéint de Waassermelounejong nennen. Ech hunn se gären, well se séiss a grouss ass, dann huet ee vill dovunner. Ech iessen se natierlech am léifsten am Summer, mee ech kann se ëmmer iessen. Et erënnert mech u mäi Bop a meng Bomi, déi Italieener sinn, wéi ech och – also sinn se mäin Nonno a meng Nonna. An ëmmer wa mer an Italien an der Vakanz waren, hu mir vun engem Bauer Waassermeloun kaf an déi dann op der Plage giess.

Dat waren déi beschte Waassermelounen.

Se hu mech frou gemaach.

## Interview mam Arthur Possing – Komponist

### Wéi bass de op d'Musek vum Stéck koum?
Ech hu probéiert, d'Identitéite vun de Charakteren an déi ënnerschiddlech Stëmmunge vum Stéck ze erfaassen a musikalesch anzefänken.
D'Kanner sollen och een einfachen, direkten Zougang zur Musik hunn, d.h. liicht verständlech, schéin an ofwiesslungsräich.

### Firwat ass Musek wichteg am Theater?
Musek huet en direkten, emotionelle Faktor. Si kann eenzel Momenter direkt beaflossen (Liichtegkeet/Tragik) Z.B. wierkt eng dramatesch Seen mat enger witzeger/heiterer Musek ganz anescht, an ëmgedréint.

### Huet all Roll eng Musek oder ginn et Stëmmungen?
Déi zwee. All Figur huet säint eegent Motiv an Instrument, sou wéi och d'Situatiounen. Zum Deel hunn ech och kleng Hannergrond Lidder geschriwwen, déi d'Erzielung ënnermolen.

### Hues du eng Liblingsmusek am Stéck?
Schwéier Fro.
Warscheinlech d'Thema vum Papp, virun allem zum Schluss, wann et mat all deenen anere Motiver vum Stéck zesummekënnt.

### Hues du Aprikose gären? Wann jo, wisou? Wann nee, wat ass däi Lieblingsuebst?
Jo, well se sou séiss sinn. Mee mäin Liblingsuebst si Mandarinne.

## Quellen & Impressum

**D'Julie an den Aprikosejong 2024**

| | |
|---|---|
| Produktioun & Koproduktioun: | Théâtre du Centaure, Kulturhaus Niederanven, Kinneksbond Centre Culturel Mamer |
| Text: | Cosimo Suglia |
| Regie: | Daliah Kentges |
| Assistenz: | Laetitia Lang |
| Mam: | Mady Durrer, Magaly Teixeira, Luc Lamesch |
| Bün & Kostüm: | Anouk Schiltz |
| Musik: | Arthur Possing |
| Theaterpädagogeschen Dossier: | Laetitia Lang |

Wann Dir nach Froen iwert den Dossier hudd, kënnt Dir gären schréiwen:
Laetitia.lang@mac.com

Kommt eis besichen: www.theatrecentaure.lu

Dossier de presse:

# Julie et le petit bonhomme Abricot



## La pièce:

Julie est une petite fille qui a la passion des abricots : abricots doux, juteux et veloutés. Dans une forêt, non loin de chez elle, dit-on, se trouve un abricotier très spécial, le plus grand de son espèce, avec les meilleurs et les plus beaux fruits que l'on n'ait jamais vus. Son père cependant lui a strictement interdit d'entrer dans cette forêt, car, comme les villageois se le répètent depuis des siècles, la mort y rôde. Mais comme Julie a l'habitude d'obtenir ce qu'elle veut, et aussi parce que sa gourmandise incommensurable ne lui laisse pas d'autre choix : elle se faufile un soir en cachette hors de la maison, bien décidée de goûter à cette délicatesse unique et convoitée. Et en effet, cachée au fond de la forêt, Julie trouve à sa grande satisfaction un immense arbre avec des abricots aussi gros que des melons. Elle avait donc, se dit-elle, raison de braver l'interdit paternel. Mais à peine a-t-elle cette pensée qu'elle entend un léger bruissement derrière un buisson, laissant apparaître un petit être encore plus merveilleux que tout ce qu'elle a jamais pu imaginer …

D'après sa nouvelle *The Little Girl That Knew Better*, (Les Cahiers Luxembourgeois Numéro 3, 2020) Cosimo Suglia, qui a reçu en 2021 le Chrysalis Award, prix du jeune écrivain en fiction spéculative (pour le Luxembourg), développe aux côtés de Daliah Kentges cette pièce de théâtre pour enfants à partir de 6 ans.

## Production:

### Théâtre du Centaure

Le Théâtre du Centaure est le plus petit théâtre professionnel du Luxembourg. Il est installé dans une cave voûtée du centre historique de la ville de Luxembourg. Il a été fondé en 1973 par Philippe Noesen et propose des pièces contemporaines et classiques avec un accent sur la langue française, ce qui n'empêche pas l'actuelle directrice artistique, Myriam Muller, de monter des pièces dans d'autres langues.

### Kulturhaus Niederanven:

En 1998, la maison privée de l'époque, située dans la commune de Niederanven, a été vendue avec le souhait de l'utiliser à des fins publiques. Après avoir servi de maison pour les personnes réfugiées du Kosovo, elle est connue depuis 2007 comme maison de la culture de Niederanven. Ils y proposent un programme varié. Que ce soit la musique, l'art, la littérature, le théâtre et bien d'autres choses encore, il y en a pour tous les goûts.

### Kinneksbond Mamer:

Le Kinneksbond propose des événements culturels dans différents domaines. On y trouve des événements sur le thème de la danse, de la musique, du théâtre, des expositions, des séminaires, des ateliers et bien d'autres choses encore. Outre des noms internationaux renommés, de jeunes artistes luxembourgeois sont régulièrement programmés.

Biographies :



**Cosimo Suglia** écrit de la littérature et sur la littérature. Il est né en 1995 dans une famille italienne. Cosimo a publié de nombreuses nouvelles et articles. Il écrit en luxembourgeois et en anglais. Cosimo aime les grenouilles, les insectes et les sous-cultures.



**Mady Durrer**, née en 1950, a fait ses premiers pas sur scène à 10 ans. Elle a fait des études de solfège, piano, diction et art dramatique allemand et français, chant, danse classique, moderne et jazz et un diplôme d'éducatrice pour enfants à besoins spécifiques. Depuis plus de 60 ans elle travaille en tant qu'actrice, chanteuse, danseuse, auteure, dans des pièces de théâtre, cabaret, théâtre pour enfants, comédies musicales, opérettes, chorégraphies, concerts, synchronisations, théâtre de marionettes et mise en scène. Elle a écrit 2 livres pour enfants, dont un nominé pour le prix du livre luxembourgeois. Elle parle 8 langues (plus ou moins bien ;-)). Elle vient d'entamer un cours de langue des signes allemand et danse toujours.



Vu comme un des pianistes les plus prometteur de sa génération, **Arthur Possing** approche la musique d'une façon très naturelle. Né en 1996, il grandit dans une famille où la musique tient une place importante et omniprésente. Il a commencé par la percussion classique, ajoute bientôt le piano classique avant de découvrir le monde du jazz. Après avoir terminé l'école secondaire, il entame des études complémentaires en piano jazz au Conservatoire royal de Bruxelles avec Eric Legnini.

Le Arthur Possing Quartet a été formé en 2013 et a sorti deux albums à cette date: Four Years (2018) and Natural Flow (2021), qui ont tout les deux connu beaucoup de succès auprès des critiques et du public.

Ceci a permis au groupe de faire des tournées en Europe, mais également au-delà. À son jeune âge, Arthur Possing démontre sa diversité musicale dans ses multiples projets, tout en laissant une marque claire et reconnaissable.



**Luc Lamesch** a fait ses premières expériences en art dramatique dans le groupe de théâtre du Lycée Michel Rodange, ce qui lui a plu tellement qu'il s'est subitement inscrit au Conservatoire de la Ville de Luxembourg. Ici, il a pris des cours pendant 7 ans sous la tutelle de Marja-Leena Junker et Myriam Muller achevant en 2010 avec un 1er Prix. La première fois que Luc est monté sur scène dans un cadre professionnel était dans la pièce '*Le Baiser sur l'asphalte'* de Nelson Rodrigues (mise en scène: Marja-Leena Junker) et ceci déjà à l'âge de 17 ans (2004). Depuis son parcours l'a mené à travers une multitude de domaines et formats différents: Soit-ce au cinéma (Heemwéi, Fieber, ...) télévision (Weemseesdet) Voice-Over (Pacha Mama, Inditiomarus, ...), lectures ou théâtre, aussi bien moderne (Vum Himmel, E Roude Fuedem duerch de Roude Buedem, Thom Pain, ...) que classique (Faust, L'école des femmes, ...)

Luc a découvert son amour pour le théâtre jeune public lorsqu'il a participé au 'Spuerkees-Theater' destinés aux écoliers de la première année primaire (cycle 2) où il incarnait le chien 'Nero' pendant 7 ans. C'est un privilège pour Luc d'introduire les plus jeunes générations au monde fantastique de la scène. ("Ce que j'adore au jeune public c'est qu'ils n'ont aucun apriori du théâtre, ils le vivent simplement, comme Il le faut.")



**Magaly Teixeira**, née au Luxembourg et d'origine portugaise, elle découvre sa passion pour la danse et le théâtre dès l'âge de 9 ans. Après avoir obtenu son diplôme, elle poursuit son rêve de devenir artiste professionnelle et s'installe à Paris.
En 2013, après son passage par la Sorbonne Paris 3, elle poursuit sa formation en art dramatique au Conservatoire Charles Munch et obtient son diplôme avec mention et félicitations du jury en 2017.
L'héritage culturel de Magaly joue un rôle significatif dans sa carrière et l'a conduite à sa première collaboration cinématographique avec le réalisateur Philippe Machado, qui la choisit pour interpréter un fado dans son film "À l'année prochaine/Até pro ano".
Magaly joue dans "Capitani 2" et son interprétation de « Dona Valentini » dans la série Netflix « Coyotes » lui a valu une nomination dans la catégorie « Meilleure actrice » au Filmpraïs 2021. Ses dernières apparitions en tant que protagoniste sur grand écran incluent notamment les courts-métrages de Roxanne Peguet "Nucléaire" et "Phoenix", tous deux nominés au Letzebuerger Filmpraïs 2023, dont elle a été la maitresse de cérémonie aux côtés de Max Thommes sur la scène du Grand Théâtre.
Au théâtre, elle s'est récemment illustrée dans "La petite fille de la mer" dirigée par Rita Reis au Escher Théâter ainsi que « Venus in Fur » et « The Censor » mis en scène par Anne Simon au Kinneksbond et aux Théâtres de la ville de Luxembourg. Elle maintient sa relation avec la Ville Lumière et part régulièrement en tournée avec le spectacle immersif "Le Marin" de Fernando Pessoa, créé avec la Cie. « Etsi Demain ».
Magaly Teixeira prête régulièrement sa voix aux doublages et à la radio. Ses derniers projets de doublage incluent l'animée "Le château solitaire dans le miroir" où elle prête sa voix à AKI dans la version française. À la radio, elle est la voix luxembourgeoise, française et portugaise de nombreuses campagnes publicitaires.



**Daliah Kentges** est née en 1985 à Esch-sur-Alzette. Après son baccalauréat, elle a fait des études de littérature allemande et anglaise à Fribourg en Allemagne et a obtenu son doctorat à l'Université du Luxembourg en 2017. Parallèlement à ses activités de recherche, elle a acquis de l'expérience en tant qu'assistante à la mise en scène aux côtés de metteur.e.s en scène nationaux.ales et internationaux.ales.
Après deux lectures scéniques (*Wat den Noper seet*…an aner Geschichten et Famina) elle signe avec Dräi Schwësteren sa première mise en scène d'une pièce de théâtre au Kasemattentheater en 2019. En 2020, elle signe les mise en scènes de Truckstop (Théâtre du Centaure/Kinneksbond, Centre Culturel Mamer) et de Le monologue de la vieille reine (Kinneksbond, Centre Culturel Mamer/les Théâtres de la Ville de Luxembourg). La saison suivante, elle a mis en scène les deux performances théâtrales Fake Facts (Trifolion Echternach) et Rosenkranz und Güldenstern auf Greta (Kasemattentheater).
Pour l'année culturelle Esch2022, elle a collaboré pour la première fois avec le collectif d'artistes Maskénada et a assuré la mise en scène des performances interdisciplinaires et des projets en plein air Ouni Kapp et Zowaasch. Avec le collectif d'artistes Ampersand Variations, elle a travaillé également à la réalisation du projet Desire Lines pour la Capitale européenne de la culture.
En 2023, la pièce Eschenliebe de la célèbre dramaturge Theresia Walser et sous la régie de Daliah Kentges fête sa première au Kunstfest Weimar, suivie d'une tournée en Allemagne.
Daliah Kentges est membre actif des collectifs d'artistes Maskénada et Ampersand Variations et travaille en tant que coordinatrice et conseillère artistique depuis 2015 le Fundamental Monodrama Festival.
Sans oublier qu'elle est une membre active du Théâtre du Centaure, aussi !



**Anouk Schiltz** a étudié à l'École Nationale Supérieure des Arts Décoratifs de Paris et a obtenu son diplôme de scénographe en 2005. Depuis, elle travaille en tant que scénographe et costumière pour des productions au Luxembourg et à l'étranger avec différents metteurs en scène. Projets e.a.: *Endspill* de Samuel Beckett avec Charles Muller (Théâtre d'Esch / Sibiu), *Bric à Brac* avec Marie-Lune (Festival d'Avignon Off), *Tsiganes* (MASKéNADA), *Hedda Gabler* de Henrik Ibsen avec Gerhard Weber (Theater Trier), *Don Quichotte* adaptation *d'après Miguel de Cervantes* avec Anne Simon (Théâtre National Du Luxembourg / Ruhrfestspiele Recklinghausen), *La Vérité m'appartient* de Nathalie Ronvaux avec Charles Muller (Théâtre des Capucins / Théâtre d'Esch), *The Crucible* d'Arthur Miller avec Douglas Rintoul (Queen's Theatre Hornchurch / Théâtres de la Ville de Luxembourg), *Rumpelstilzchen* des Frères Grimm/adaptation de Ian de Toffoli avec Myriam Muller (Théâtres de la Ville de Luxembourg / Théâtre d'Esch / CAPE Ettelbrück), *La Dispute* de Marivaux avec Sophie Langevin (Théâtre National Du Luxembourg/ Théâtre d'Esch / CAPE Ettelbrück).
En été 2019 elle signe les costumes pour l'opéra *Les Mille Endormis* du compositeur Adam Maor, mise en scène par Yonatan Levy, direction musicale Elena Schwarz une commande du Festival d'Aix-en-Provence et des Théâtres de la Ville de Luxembourg (création mondiale au

Théâtre du Jeu de Paume /tournée: Théâtres de la Ville de Luxembourg/ Calouste Gulbenkian Foundation (Lisbon), Théâtre Royal De La monnaie / De Munt (Bruxelles).
En mars 2019 elle conçoit la scénographie pour la pièce *Ivanov* d'Anton Tchekhov avec la metteur en scène Myriam Muller et en 2021 elle crée la scénographie pour la pièce *THE HOTHOUSE* de Harold Pinter, mise en scène Anne Simon au Studio du Grand Théâtre de la Ville de Luxembourg. En septembre 2021 Anouk Schiltz est primée du *Theaterpräis Hannert der Bün.*
Depuis elle poursuit son travail comme scénographe pour le théâtre, récemment pour la production Kasimir & Karoline au Landestheater Niederösterreiche en coproduction Grand Théâtre de la Ville de Luxembourg.



**Laetitia Lang** travaille en tant que pédagogue de théâtre indépendante et assistante à la mise en scène entre le Luxembourg et l'Autriche. Elle a étudié les sciences de l'éducation à l'Université de Vienne et a suivi une formation de pédagogie de l'acteur et du théâtre à *Institut für angeandtes Theater.* Depuis, elle a travaillé comme pédagogue de théâtre, performeuse et assistante de réflexion dans différents théâtres, établissements d'enseignement et associations culturelles. En 2022, elle a assuré la mise en scène de *Nuetsgejäitz a Bëschgepëspers* de Mandy Thiery et Jean Bürlesque dans le cadre d'Esch22 pour le collectif d'artistes MASKéNADA. Depuis, elle fait également partie du comité directeur de MASKéNADA. Un autre projet qui lui tient à cœur est l'association Literaturstunde, qu'elle gère avec sa collègue Alexandra Mittere et qui organise des lectures multidisciplinaires.



Très tôt passionné par les arts vivants, **Antoine Colla** intègre en 2009 l'ESACT (école d'acteur du Conservatoire de Liège) avant de poursuivre ses études en Arts du Spectacle à l'Université de Liège.

En 2014, il entame sa collaboration avec Myriam Muller, le *Théâtre du Centaure*, et de nombreux autres artistes (E.a. : Marja-Leena Junker, Fabio Godinho, Anne Simon, Daliah Kentges, Rhiannon Morgan, Marion Poppenborg, Ian de Toffoli, …).

Voyageant entre les postes d'assistant à la mise en scène, de créateur lumière, de créateur sonore, et de dramaturge, il participe depuis à la création artistique sur de multiples projets entre théâtre et danse, au Luxembourg, en France et en Belgique.

E.a. : *Blind Date* (T. Van Gogh), *Orphelins* (D. Kelly), *Dom Juan* (Molière), *Oncle Vania* (A. Tcheckov), *Cet Enfant* (J. Pommerat), *Mission* (D. Van Reybrouck), *Les Justes* (A. Camus), *Des femmes qui dansent sous les bombes* (C. Lapertot), *Et si on rêvait* (C. Rasera), *Love & Money* (D. Kelly), *Mesure pour Mesure* (W. Shakespeare), *Anéantis* (S. Kane), *Sales Gosses* (M. Michailov), *Breaking the Waves* (L. Von Trier), *Terreur* (F. Von Schirach), *Hamlet* (W. Shakespeare), *Terres Arides* (I. De Toffoli), *Moi Je suis Rosa!* (N. Ronvaux), *Juste la fin du monde* (J.-L. Lagarce), *Liliom* (F. Molnar), *BlackBird* (D. Harrower), *Clementine* (R. Morgan), *Adh(A)ra* (R. Morgan), *À la Carabine* (P. Peyrade), *La Poupée Barbue* (E. E. Bvouma), *Songes d'une Nuit*... (W. Shakespeare), *Elena* (O. Neguine & A. Zviaguintsev), …

## Interview avec Daliah Kentges

### Que fais-tu en tant que metteur en scène de la pièce ?
Je réfléchis à la manière dont je veux transposer la pièce sur scène, à l'atmosphère que je veux créer et au message que je veux faire passer au spectateur. Avec l'équipe créative, je travaille ensuite à la mise en œuvre de ce concept, tout en veillant à ne pas perdre de vue le fil conducteur.

### Quels sont les thèmes qui t'intéressent dans cette pièce ? Qu'est-ce qui est important pour toi de raconter avec la pièce ?
Pour moi, l'idée est clairement d'être ouvert à l'étranger et de ne pas se laisser guider par la peur. Dans la vie, il arrive souvent que l'on soit confronté à des personnes ou à des situations qui nous sont inconnues et que l'on ne comprend peut-être pas immédiatement. Il est alors important de ne pas se fermer, mais d'être curieux et d'essayer de comprendre ce que l'on ne connaît pas.

### Quel est le défi de la pièce ?
Je pense que le défi consiste à transposer la magie de la pièce sur scène et à la faire vivre aux enfants.

### Qu'est-ce que l'amitié pour toi ?
Pour moi, l'amitié, c'est accepter et apprécier l'autre tel qu'il est.

### Est-ce qu'il peut y avoir des secrets dans une amitié étroite ?
Il se peut que nous n'ayons pas trouvé le bon moment pour confier un secret à une autre personne. Dans de nombreuses situations, il faut du temps pour rétablir la confiance et se sentir prêt à partager un secret avec un(e) ami(e) proche.

### Penses-tu qu'il y a quelque chose d'impardonnable dans l'amitié et quoi que ce soit ?
Lorsque quelqu'un trahit un autre ou vit dans l'adversité, il est déjà plus difficile de le pardonner. Dans tous les cas, il faut entretenir le dialogue et demander des raisons de se comporter différemment et d'éliminer les problèmes.

### Tu aimes les abricots ? Si oui pourquoi ? si non, quel est ton fruit préféré ?
J'aime la forme et la couleur de l'abricot, il a quelque chose de doux, mais j'en mange rarement. La banane, elle, est plus souvent au menu.

## Interview avec Cosimo Suglia

### Comment l'idée de la pièce t'est-elle venue ?

L'idée de la pièce vient d'une nouvelle que j'avais écrite il y a des années. C'est très simple : à l'époque, je lisais beaucoup de contes, surtout ceux de l'auteur luxembourgeois Edmond de la Fontaine. J'ai alors voulu écrire un conte. Et comme les contes de fées sont plutôt bizarres, je me suis dit qu'un bonhomme abricot et une mère-arbre iraient très bien ensemble.

### As-tu rencontré des difficultés lors de l'écriture ?

Oui, et comment ! Je pense que chaque écriture est toujours un grand défi. Pour moi, le défi de cette pièce était de l'écrire de manière à ce que tout le monde - quel que soit son âge - comprenne ce que je veux dire. Je ne voulais pas utiliser de mots difficiles, car tout le monde n'aurait pas tout compris. Et pendant que je faisais cela, je me suis inspiré de la vie - tout le monde n'utilise pas des mots difficiles tous les jours, c'est quelque chose que font les médecins ou les professeurs ou même les gens qui veulent se profiler - et je ne veux pas faire ça.

### Qu'est-ce que l'amitié pour toi ?

L'amour. Quand je parle à une personne et qu'elle me fait rire, qu'elle me met parfois en colère, qu'elle me fait sentir mal au ventre et que je suis simplement heureux de la voir tout le temps, en espérant qu'elle a passé une bonne journée, pour moi, c'est ça la vraie amitié. L'amitié, c'est quand, quoi qu'il arrive, même après une dispute ou après une longue période, on se revoit et c'est comme si la personne n'était jamais partie, c'est ce qui fait une amitié. Une bonne amitié qui dure, parce que toutes les amitiés ne durent pas (et c'est normal, ça fait partie de la vie), c'est pour toujours ! C'est l'amour.

### Les secrets peuvent-ils détruire une amitié ?

Oui et non. Tout le monde a des secrets et c'est ainsi que cela doit être. Parce que si on n'en a pas, on n'est pas honnête avec soi-même. Une bonne amitié connaît certainement quelques-uns de tes secrets, mais une bonne amitié n'essaie pas de juger pour autant - c'est comme si ton secret devenait aussi le secret de ton ami ou de ton amie. Mais tous les secrets ne sont pas bons non plus. Les secrets ne doivent parfois pas être des secrets, et c'est alors qu'une amitié se brise. Tout le monde a le droit de garder des secrets et chacun doit décider quand il ou elle doit les raconter - cela vient avec le temps, avec la confiance sur laquelle l'amitié est construite.

### Tu aimes les abricots ? Si oui pourquoi ? si non, quel est ton fruit préféré ?

J'aime les abricots, même si je n'en mange pas souvent. Mais ce que je préfère, c'est quand d'autres choses ont le goût d'abricot. Comme les bonbons ou les jus de fruits. Mais mon fruit préféré est la pastèque. J'aime tellement la pastèque que je pourrais m'appeler "jeune pastèque". Je l'aime parce qu'elle est sucrée et grande, alors on en a beaucoup. Bien sûr, je préfère la manger en été, mais je peux en manger tout le temps. Ça me rappelle mon grand-père et ma grand-mère, qui sont italiens, comme moi - donc ils sont mon nonno et ma nonna. Et chaque fois que nous allions en vacances en Italie, nous achetions des pastèques à un fermier et nous les mangions sur la plage.

## Julie et le bonhomme Abricot

| | |
|---|---|
| Production et Coproduction: | Théâtre du Centaure, Kulturhaus Niederanven, Kinneksbond Centre Culturel Mamer |
| Texte: | Cosimo Suglia |
| Langue : | Luxembourgeois ou Français |
| Mise en scène: | Daliah Kentges |
| Assistence: | Laetitia Lang |
| Avec | Mady Durrer, Magaly Teixeira, Luc Lamesch |
| Scènographie & costumes: | Anouk Schiltz |
| Musique: | Arthur Possing |
| Dossier pédagogique: | Laetitia Lang |

Si vous avez des questions, n'hésitez pas à nous écrire:
r.tanios@theatrecentaure.lu

Plus d'infos:
www.theatrecentaure.lu